Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Laang Zäit huet d'Beherrsche vun eisen dräi administrative Sproochen zu de feste Viraussetzunge fir eng Astellung am ëffentlechen Déngscht gehéiert. Mëttlerweil ginn awer och ëmmer méi Leit agestallt, déi eng vun deenen dräi Sproochen net beherrschen an och dauerhaft eng Dispens ausgestallt kréien, fir dës nozehuelen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Leit an de Joren 2021 bis 2023 jeeweils beim Staat agestallt goufen, wéi vill dovun eng Dispens fir d'Kenntnesser an enger oder méi vun eisen dräi administrative Sprooche kruten, ëm wéi eng Sproochen et sech dobäi gehandelt huet a wéi déi Leit sech op déi eenzel Karriäre verdeelen?
2) Kann den Här Minister déi selwecht Tabell och am Bezuch op déi ëffentlech Etablissementer preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten